N° 7726
Entrée le 08.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.03.2023)

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2023

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

An enger méi oder manner graver Noutsituatioun ass et ganz wichteg elementar Kenntnisser ze hunn a Saachen éischt Hëllef. Éischt Hëllef Coursen déi sech un Erwuessener riichten si gemengerhand gudd besicht. D'Fro stellt sech awer wéi et bei Kanner a Jugendlecher ausgesäit. D'Kanner, ob grouss oder kleng, kënnen mat enger Noutsituatioun konfrontéiert sinn, sief am Schoul- , Fräizäit- oder Sportsmilieu. Bei de Jugendlechen kënnt nach den Nuetsmillieu derbäi a ganz kloer duerno d'Eventualitéit fir Nouthëllef ze leeschten am Fall vun engem Accident op de Stroossen. An deem Zesummenhang stellen ech gäre folgend Froen:

- Gëtt et zu Lëtzebuerg e Wee iwwert dee Kanner a Jugendlecher en éischt Hëllef Cours maache kënnen? Wéi vill Kanner a Jugendlecher ginn hei zu Lëtzebuerg momentan iwwer esou Coursen erreecht?
- Ginn éischt Hëllef Couren an de Schoule recommandéiert oder sinn se souguer als Aktivitéit fest virgeschriwwen ? Wa jo, wéi vill Schoule maache mat an a wei enge Fächer ginn se thematiséiert? Ass ugeduecht fir éischt Hëllef Coursen iwwerall unzebidden, respektiv obligatoresch an de Schoulprogramm afléissen ze loossen?
- Wei eng Formatioun an Saachen éischt Hëllef muss d'Personal vu Jugendhaiser hunn?

Mat déiwem Respekt,

Cécile Hemmen
Deputéiert


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu